Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

# WANDROUS

## N°375 Haartmount / Spiirkel / Lenzmount 2020
## Januar / Februar / März




Kënnt **5 mol pro Joër raus**
Abonnement **25,00 Euro**
CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakter: **MOYANO Guy (Crotale)**
> resp. **CheffenEkipp LBB**
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**
www.lionsbleus.lu

**!!! Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date !!!**

# Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

Wandrous Publicitéit

## Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

# LBB goes Paperless fir Jiddereen



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

**Dowéinst...fir Unzefänken:**
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ............................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: .....................................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# FNEL EX-Sportsdag: fir Explorer(EX)





**Léif Explorer, léif Exploretten,**
**Paakt är Sportstäsch!**
**An dann geet ët lass**
**bei d'Mäis vun Munnerèf...**

Ët ass erëm esou wäit, den **Explorer Sportsdag** steet virun der Dier wou déi verschiddenen Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Teamgeescht an hier Kämpfernatur de ganzen Daag kënnen ënner Beweis stellen an a verschiddenen Sportaarten kënnen moossen...

**Wéini ?** den 12.Januar 2020 vun 10h00 – 17h00

**Wou ?**
Am Centre Sportif zu Munnerèf (Centre Sportif Rol Delles)

**Präiss ?**
5 € ginn direkt op der Plaatz bezuelt
Iessen an Drénken ass am Präis dran.
Sonndes d **Net bezuelt = keen Iessen !!**

**Umeldungen:**
Mellt däch fir ärt Team (min. 6 Explorer) bis den 29/12/19 iwwert explorer@lionsbleus.lu / cg@lionsbleus.lu un, an iwwerlee DIR och e flotten Numm fir eist Team.

**Waat muss dë matbréngen ?**
Sportskleeder, Turnschong, **Team T-Shirt** & Duschsaachen

---

**SOUCHE**



Heimat mellen ech ........................................................ mäin Explorer / Explorette ........................................................ fir den Explorer-Sportsdag den 12.01.2020 gär un, deen vun der FNEL organisèiert gët

Ënnerschréft vum Responsablen: ..........................................

# Assemblée générale LBB fir jiddereen




Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen & Pappen), Frënn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an op ons:

**ASSEMBLEE GÉNÉRALE**
**den 25.Januar 2020 um 18h30**
**am Home FNEL um Fetschenhaff**
(61a, rue de Treves  L-2630 Luxembourg)

de richtege Moment fir eemol daat letzt Kalennerjoër en Revue passéieren ze loossen!

## DE PROGRAMM VUM OWEND

01) Begréissung an Usproch vum Här Präsident
02) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
03) Rapport financier vum Här Caissier
04) Rapport vun den Dammen an Hären Caissen-Revisoren
05) Viirstellung vum Budget 2020
06) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren fir d'Joër 2020
07) Rapport vun den Aktivitéiten vum Scoutsjoër 2019
08) Erneierung vum Conseil d'Administration fir d'Joër 2020
09) Verschiddenes an Gemëschtes . . .

No der **Assemblée Générale** ass dann daat grousst Iessen fir d'Elteren, Amicale an all Frënn vun den Lions Bleus offréiert vum Groupe an viirbereed vun eisen Branchen.

Fir d'**Kanner** ass Rendez-Vous um **16h00** beim **Home FNEL** um Cents fir zesummen d'Iessen fiirzebereeden.

OPGEPASST!
D'Cheffen an de Comité informèieren Elteren dat **ab 18h30 d'Kanner erëm ënner der Opsiicht vun hieren Elteren** stinn an d'Cheffen weider keng Responsabilitèit iwwerhuelen.

Ech ......................................... mellen ..... Leit (ouni Memberen déi hëllefe kachen) fir d'Iessen un.

Ech .....................................mellen .............................. un fir d'Kachaktivitéit den 25.01.20 (vun 16-18h30) an iwwerhuelen ab 18h30 d'Opsiicht & Responsabilitèit vun dësem(n).
Ginn Souche oof oder soën per mail op cg@lionsbleus.lu bescheed bis spèidstens den 18.01.20 !!!

Datum&Ënnerschrëft ...........................................................

*** All déi Aktif Memberen sinn gebieden an kompletter Uniform ze kommen!**

# BAACK-Aktioun/SORTIE den 01.02.20... fir SG/EX/RV

# Grouss BAACK-Aktioun'20
## bei den bloën Léiwen



**Ënnerstëtzt eis ALLEGUERTEN...**
op aktiven Member, Amicale, Elteren, Famill, Noperen oder Frënn....

an **bestellt** bei eis **lecker Kichelcher**, fir dat mir genuch ze dinn kréien :)

**kleng** / **grouss** Tuut Kichelcher --> **3€** ou **5€**
**petit** / **grand** sachet de biscuits --> **3€** ou **5€**



CORSU 2020
Lions Bleus - Luxembourg

## BAACKSORTIE?

Wéini & wou? Samstes, den 01/02/2020 zu Bouneweg am Home
Start 9 Auer & Fin 18 Auer! (Obligatorësch fir CORSU-People!!!)

Waat brauchs du op der Sortie? Daat waat e SG, EX, RV sou brauch op enger Sortie.
Evtl Kachschirtech & vill Motivation **:) :) :)**

Praïss? **--> 8€**, fir den Mëtteskascht & Co., sinn bis spéidstens den 25.Januar 2020 ze iwwerweisen op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun 'BaackSortie & Numm vum Participant'

Umeldung? per Souche, bis den 25.Januar 2020 bei déngem Chef.

## FIRWAAT sou eng Baack-Aktioun?

Dës ass geduecht fir zousätzlecht d'Geld zesummen ze kréien, fir eisen Groussen Summercamp CORSU'20 an Korsika zesummen mat den Scouten, Explorer & Rover.

Sou kënnen mir den Präiss vum Camp relativ déif haalen, an eis och nach e flotten Camp T-shirt dovunner leeschten...
Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. an bestellt lecker selwergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)

---

Heimat erlaaben ech ______________________________ mengem(er) Hobbybäcker(eg) ______________________________
un der Grousser Baack-Sortie'20 den 1.Februar 2020 deelzehuelen.

Ënnerschréft____________________________

---

---> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <---



Ech (Je) __________________________________ bestellen gären (veux commander)

______ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **3€**

______ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **5€**



____________________________________________
Ënnerschréft (signature) vum zukünftegen Kichelchersknabberer

**--> Méng Kichelcher kann ech deen Samsteg tëschend 14-18Auer am Home oofhuelen kommen & cash bezuelen <--**

# FuesWeekend fir Beaver(BV)


**Hallo Beaver !**

**Bass Du motivéiert e flotten Weekend am Thema Shaun das Schaf ze verbréngen an méi iwwer séng Welt, säin Liewen um Bauerenhaff a séng Frënn gewuer ze ginn ? Wann daat de Fall ass, dann mell dëch ganz ganz séier un, fir op eiser Rees mat him dobäi ze sinn !**

**Wéini:** 8. Februar 2020 um 9:00
(méi genau Infoe kommen no!)
**Retour:** 9. Februar 2020 um 15:00

**Präis:** **25 €** ze iwwerweisen bis den 25.01.20 op den Konto Les Lions Bleus-Beaver (BCEE IBAN Lu91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: FuesWE & Numm vum Kand.
**Souche:** oofzeginn bis den 25.01.2020

**Material:** Dem Wieder ugepasste Kleeder & Ersatzkleeder, Bidon mat Waasser, Täschenluucht, Gamelle & Kichenduch, Schloofsaack, Wäschsaachen, Mutz & Schaal & Händschen,...





---

**Heimat erlaben ech ..........................................................**

**méngem Beaver .......................................... deelzehuelen um FuesWeekend vum 8-9/02/20 an iwwerweisen d´Suen & ginn d´Souche am Délais oof !**

**Datum & Ënnerschrëft: ..................................................**



# Techuana 2020

fir SG/EX/RO/TB...

## „Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**
Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2019 --> 14 Joër kruut !!!

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **14.Februar 2020** um **18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerèck:** Sonndesmoies, den **23.Februar 2020** um **11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!
Daat heescht 380 Euros fir Transport, Iessen, Sauna/Schwämm &
déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 195 Euros fir den Skipass bezuelen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Iessen, Schwammen) --> bezuelen **380** Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **575** Euros.
(> Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 1.02.2020 mat der Mention "Techuana 2020".
D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover"

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w…

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass Mëttwochs den 4.Dezember 2019 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech ........................................... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

…………………………………………………..

mat um TECHUANA-Wantercamp 2020 (14.-23.02.20) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**




Datum&Ënnerschrëft . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . .

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Sortie Biodiversum fir Wëllef(LX)



**Zu Remerschen bei den Baggerweieren ass eppes néies opgaangen, a mir ginn dohinner fir eis dat méi genau unzekucken. Riets ass vum Biodiversum. Do kenne ma am Naturreservat, Déieren an hierem natierleche Liewensraum gesinn, hier Ausstellung kucke goen, a verschidden Aktivitéiten maachen. Mir wäerten souguer d'Geleeënheet kréien Archeologe ze spillen an Saachen aus dem Buedem auszegruewen. ---> Mell dëch awer séier un, well mir kënnen <u>nëmmen 20 Kanner mat huelen</u> !!!**



**RV & Retour:**
Samstes_07.03.2020
um 09:40 & 16:00
beim Biodiversum
(5 Breicherwee, 5441 Remerschen)

**Material:**
Biergschong, Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, PIC-NIC ...

**Präiss:**
5 € op RDV matbréngen

**Souche :**
Oofzegin bis de 15.02.20




---

Heimat erlaben ech ……………………………………………



méngem Kand ………………………………………… den 7/03/2020
mat op d'Sortie an den Biodiversum ze goën & ginn
d´Souche am Délais oof !



Datum & Ënnerschrëft: ……………………………………………

# CORSU 2020 ab SG/EX/RO/TB

**--- NEWS - Groussen SummerCamp - NEWS ---**

# CORSU 2020

## 31.Juli 2020 - 23.August 2020

## ...fir den moment...

## Sinn sëcher schon mat dobai:

Shaheen, Clara, Raquel, Lea, Mylo, Pit, Michel, Patrick, Lio, Emma, Liana, Aleksis, Felix, Cédric, Raphaël, Harry, Adrien, Max, Grizzly, Paco, Tameng, Soa, Tahr, Maki, Tamia & Yuma ...




## Präiss ? +/- 1'100 €

Acompte 1 : **200€,** RAPPEL fir dèi Lèit déi nach nët bezuelt hun (01/12/2019)
Acompte 2: **200€,** sinn bis den **1.Februar 2020** ze iwwerweisen op den Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)

### RAPPEL:

Ugemellt bass DU erèischt, wann Souche an den Paiement vum 1.AC (non-remboursable) bis den 1.Dezember 2019 ukomm ass!

### Résumé

Am Moment sinn mir **bis elo zu 25 Léit** mat engem Hond. Waatd'Plaatzen ugeet, ass ët sou dat mir d'Autoën fëllen an och all Sëtzplaatz besaat soll sinn, well mir keen eidelen Volume mat ronderem-kutschèieren. Dofir: Déi Éischt sinn/woren fiir an dierfen mat eis all zesummen eng flott Aventure an Erfahrung maan.

DU hues **nach <u>eng Fro</u>**? Dann stell së op: **<u>corsu2020@lionsbleus.lu</u>**

### BaackSortie & BaackAktion

Dës ass den **1.Februar 2020** an ass **obligatorësch fir all CORSU-Participant!** Denk drun dëch unzemellen an dèng Souche fir Sortie&Kichelcher oofzeginn, Detailer fënns du hei an der Wandrous!

### Gesicht ginn nach?

Minibus(er) fir deen Zäitraum /// Sponsoring an irgendenger Form, wells de eis wëlls ënnerstëtzen, ma dann mell dëch bei eis...MIR gèifen eis fir ALL Ënnerstëtzung freen : >>> VILLMOLS MERCI elo schon am viraus vun der CORSU-Crew

**Den motivèierten CORSU-CAMP-STAFF**
**:) :) :)**

# Programm Beaver

BV - Programm



**Januar**

| | |
|---|---|
| 04. | keng Versammlung (Vakanz) |
| 11. | BeaverVersammlung |
| 18. | BeaverVersammlung |
| 25. | BeaverVersammlung & ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB |

**Februar**

| | |
|---|---|
| 01. | BeaverVersammlung |
| 08.-09. | FUES-WEEKEND |
| 15. | keng Versammlung (Vkanaz) |
| 22. | keng Versammlung (Vakanz) |
| 29. | BeaverVersammlung |

**März**

| | |
|---|---|
| 07. | BeaverVersammlung |
| 14. | BeaverVersammlung |
| 21. | SORTIE |
| 28. | BeaverVersammlung |

**Abrëll**

| | |
|---|---|
| 04.-06. | OUSCHTERCAMP mat den PNL |
| 11. | keng Versammlung (Vakanz) |
| 18. | keng Versammlung (Vakanz) |
| 25. | BeaverVersammlung |



**Beaverklack**

Hawky, Spitzki, Barry, GriGri, Foxi, ...

# Programm Wëllef

LX - Programm



## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 04. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 11. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 25. | Versammlung<br>& ASSEMBLEE GÉNÉRALE LBB | |

## FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 08. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 22. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 29. | Versammlung | 14:00-16:00 |



## MÄRZ

| | | |
|---|---|---|
| 07. | SORTIE ‚Biodiversum' | |
| 14. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 29. | FNEL SixerDaag | |

## ABRËLL

| | | |
|---|---|---|
| 04.-06. | OUSCHTER-CAMP | |
| 11. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 18. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 25. | Versammlung | 14:00-16:00 |



**Lènks Patt**

Bagheera, Kaa, Hathi, Tschill, Raschka...

# Programm Scouten

SG - Programm



## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 02.-04. | KRËSCHT-CAMP | |
| 11. | PatrullenVersammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | TruppenVersammlung | 14:00-16:00 |
| 25. | TruppenVersammlung & ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB | |



## FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 01. | GROUSS BAACK-AKTION | |
| 09. | TruppenVersammlung | 14:00-16:00 |
| 14.-23. | TECHUANA | |
| 15. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 22. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 29. | PatrullenVersammlung | 14:00-16:00 |

## MÄRZ

| | | |
|---|---|---|
| 07. | PatrullenVersammlung | 14:00-16:00 |
| 14. | TruppenVersammlung | 14:00-16:00 |
| 21.-22. | FNEL Explo | |
| 28. | PatrullenVersammlung | 14:00-16:00 |

## ABRËLL

| | | |
|---|---|---|
| 04.-06. | OUSCHTER-CAMP | |
| 11. | keng Versammlung | |
| 18. | keng Versammlung | |
| 25. | TruppenVersammlung | 14:00-16:00 |



# Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche fir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Méiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vun Léit ze maachen. All Member am Alter vun 14-21 Joër (Explorer 14-16, Rover 16-21) ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.

D`Ziel vun der Branche ass ët, nei Frëndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entsprëcht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt. > Méi Informatiounen bei déngen RovEx Cheffen...
Selbstverständlech sinn Tembo'en (> 21 Joër) och Wëllkomm matzemaan falls dës der Méiglechkeet entsprëcht...

**JANUAR 2020**

| | |
|---|---|
| 04. | keen Meeting |
| 12. | FNEL EX SportsDaag |
| 18. | RovEx Meeting |
| 25. | RovEx Meeting & AG LBB |

**FEBRUAR 2020**

| | |
|---|---|
| 01. | GROUSS BAACK-AKTION |
| 09. | RovEx Meeting |
| 14.-23. | TECHUANA |
| 15./22. | keen Meeting (F-Vakanz) |
| 29. | FNEL ROVER-QUIZ Organion LBB |

**MÄRZ 2020**

| | |
|---|---|
| 07. | RovEx Meeting &<br>FNEL RO-KEELEN TOURNOI |
| 14.-15. | LB SCHAFF-WEEK |
| 21. | RovEx Meeting |
| 28. | RovEx Meeting |

**ABRËLL 2020**

| | |
|---|---|
| 04./11./18. | keen Meeting (O-Vakanz) |
| 25. | RovEx Meeting |

**...more to come...**

**Aaner wichteg Datumer:**

**...ugangs Mee**
LBB RO-Weekend
**15.-17.05.2020**
EX Raid
**30.05.-02.06.2020**
Gruppen PëngschtCamp
**31.07.-23.08.2020**
SummerCamp CORSU
**29.08.-13.09.2020**
FNEL NEPAL-Camp

**& & &**

**17.07.-01.08.2021**
FNEL Camp Fédéral Sweden
**19.07.-29.07.2021**
ROVER MOOT an Irland
**...**



**Lénks TAP,** Aer RovEx Cheffen

# RAPPORT Halloweenparty Beaver&Wëllef








Samschdes Mëttes um 4 Auer hun mir eis virum Home getraff an eisen super flotten a virun allem grujelegen Verkleedungen. Mir sinn direkt eran an daat waarmt Home gaangen an hun fir èisicht ee klengt Vampirspill am donkelen gemaach. Duerno missten mir natiirlech och Fotoe vun eis maachen, fir ze weisen wéi grujeleg mir waren. No der Foto, goufen 2 Posten gemaach. Eng kéier "Wer bin ich" nämlech d'Halloween-Versioun mat Vampiren, Geeschter an Werwëllef an een Taaschtspill mat den Féiss wou d'Kanner mat plaakegen Féiss an eekelech Saachen trieden missten. D'Kanner déi nach nët ugemoolt waren, goufen vun den Cheffen natiirlech och schéi grujeleg gemaach. No deenen Aktivitéiten hun mir ugefaangen mat kachen. D'Beaver hun déi méi einfach Saachen kleng geschnidden an d'Wëllef hun déi méi schwiereg Saachen kleng geschnidden. Als Haaptiessen gouf ët eng Kürbiszopp an duerno bei der Halloweenparty gouf ët Banannengeeschter, Orangenkalbassen, Wirchterchersfangeren, Geeschterchipsen an ee leckeren Zaubertrank. Nom Haaptiessen ass d'Party dann och ugaangen. Do gouf ët niewt de Snacks och Musèk an vill Gespills. Um 9 Auer war ët dann leider och schon färdeg. Mir hun nach eng Chaîne des Adieux gemaach an si glécklech heem gaangen. **BAGHEERA**











# RAPPORT SchlittschongSortie Beaver







D'Beaver hun sëch Sasmstes den 30. November um 14 Auer op der Kockelscheier getraff fir zesummen Schlittschong fueren ze goën. D'Barry, d'GriGri an d'Foxy hun mat den Beaver nach puer Spiller gespillt währenddeems d'Spitzki an den Hawky dobannen schon d'EntréesTicketen an Schlittschong virbereed hun.

Dunn konnten Beaver hier Schong undoën an kruuten all d'Reegelen vun hieren Cheffen erklärt. Schlussendlech konnten d'Beaver dann all op d´Äis! Op der Piste selwer haaten puer Kanner Schwieregkeeten fir richteg eran zekommen, mee mat der Hëllef vun den Cheffen ass daat awer recht gudd gaangen, sou dass all Kand herno zimmlech gudd gefuer ass.

Um halwer 5 sinn mir dann eraus gaangen an hun eis normal Schong erëm ugedoën. Um 17 Auer woren mir dann all färdeg an prett fir ganz midd mee ganz zefridden Heem kënnen ze goën. **Hawky**







# RAPPORT SchaffWeekend Groupe

Mir hun eis Samschdes Moies am Home getraff an hun eis direkt opgedeelt fir lasszeleeën. Mir kruuten zimlech vill Saache gemaach. Ënnert aanerem hun mir eis Kiche komplett gebotzt, och op Platze wou ni Sonnenluucht hinn kënnt. Mir hun alleguerten eis Sanitäre vun ënnen no Uewe gebotzt, Spawecken am ganzen Home oofgemaach, Saachen gefléckt, d'Garage geraumt an den Dortoir komplett gebotzt an d'Matrazzen néi bezunn. Den Highlight vum Daach war awer eis 2 Logo déi mir opgehaangen hun. Eng kéier ee groussen op eiser Fassade, an ee klengen am Dortoir. Mir waren esou gudd, dat mir am spéiden Nomëtte scho färdeg waren. Dofir hun mir schon ugefaange mat raumen a botzen. Den Daag drop, misste mir just nach färdeg botzen. Allgemeng si mir super viru komm, a mir kruuten vill gemaach. **ADRIEN**





# RAPPORT Kleeschen Groupe





D'Sortie huet Freides owes um 18 Auer ugefaangen an war um 21 Auer eriwwer.
No der Arrivée goufen mer an Gruppen opgedeelt an kruuten erklärt waat geschidd wor...Den Kleeschen haat eis eng Botschaft geschéckt, dei mir hun missen nolauschteren.
Mir hun mat Hëllef vun enger Kaart , wou en Wee drop angezeechent war eng Këscht fannen. D'Këscht war verstoppt. Nodeems Mir d'Këschten fonnt haaten, sinn mir zerèck gaangen an den Home. Et war verschidden Saachen dran: Liichtstäbercher, Faarweg Balloen mat enger Luucht dran an Liichterketten. Mat deenen Saachen hun mir eis an engem Krees opgestallt, fir dem Rudolf den Wee bei den Home ze weisen. Dono sinn mir an den Home eran gaangen an hun zesummen Kleeschenlidder gesongen. Dann ass den Kleeschen ukomm, hien haat eng Schell dobei. Den Kleeschen huet zu all Branche e puer Wierder gesoot.
Beaver hun dem Kleeschen Biller gemolt, Wellefcher an Explorer haaten een Quiz mat him gemaach, an d'Scouten haaten him Kichelcher gebaack. Mir hun dem Kleeschen nach een Lidd gesongen fir him Merci ze soen dass hien komm ass.
Dono hun mir nach Schoki gedronk an Boxmännchen kruut & giess. Wéi gepaff ginn ass, hun mir missen an den Carré goën fir eis Eddi ze soën. Eis Cheffen hun eis d'Kichendicher ausgedeelt déi mir rëm vum Kleeschen kruuten. Dono war Sortie Kleeschen eriwer.

**Lea Duarte Ligeiro**

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News







## POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schécken?
Dann zéck nët laang an schéck së op:
**Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange**
Mir gèifen eis jidderfalls freen an së an der nächster Wandrous publizèieren.
**Also e Grond méi > fir eng Vakanz :) :) :)**




# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 23/12/2019 | Winterwonderland - Prost'it | 15-23/02/2020 | Fues-Vakanz |
| 21/12-05/01/20 | Krëscht-Vakanz | 29/02/2020 | RO Quiz am Home FNEL (LBB) |
| 12/01/2020 | EX Sportsdaag | 07/03/2020 | RO Keelen |
| 18-19/01/2020 | Tronc Commun (TC 02) | 18/03/2020 | CoGro |
| 25-26/01/2020 | Tronc Commun (TC 03) | 21-23/03/2020 | SG Explo |
| 08-09/02/2020 | Bosses & Bobos | 29/03/2020 | LX SixerDaag |
| 13/02/2020 | Réunion semestrielle (Home FNEL) | 03/04/2020 | Soirée IC |

# LBB-Shop fir jiddereen

An eisem SHOP vun de Lions Bleus am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

**STARTER PACK**

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst eemol vir 30 EURO, amplaatz vu 40 EUR déi zwee zesummen)




T-shirt 15€



Knuet 5€




Pullover 25€



Foulard 5€

## and many more to . . .

Am LBB-Shop an eisem Home kriss du Gruppensaachen ewéi Hoodie, T-Shirt, Foulard & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och Kniet fir un däin Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

>>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next Datumer wou den SHOP op ass:
... 18/01/2020 ... 28/03/2020 ... 16/05/2020 ... 27/06/2020 ...


# Dem LEO LEIF séng Säit

Leo Léiw



S.U.


Nachdem die gesuchten Begriffe waagerecht in die Kästchen eingegeben wurden, ergibt sich senkrecht in den grünen Feldern das Lösungswort.




S.U.



S.U.






S.U.

Nur einer der vier Snowboarder kommt ins Ziel. Welcher?

# et schéngt

et schéngt

01)wèi wann um LBB Schaff-Weekend nees fläisseg geschafft, gebotzt, geraumt an montèiert ginn wor.
02)dat eis Beaver dës Joër op d'Formationsversammlung angelueden ginn sinn an der och 5 ugemellt woren.
03)wèi wann d'Lions Bleus neierdings kleng giel-schwaarz pelzech Untermieter am Home hätten.
04)dat d'Préparatiounen fir den FNEL Rover-Quiz am Thema Wintergames op vollen Touren leeft.
05)wèi wann den Kleeschen säi neistem zweesproocheg ënnerwee wier an bei eis laanscht komm ass.
06)wèi wann nët esou vill giess ginn wor nom Kleeschen oder hien gemengt hätt mir hätten mèi Honger.
07)wèi wann d'Beaver nees hier tradiotionell Schlittschong-Sortie op der Kockelscheier haaten.
08)dat nom Schaff-Weekend nach laang nët Schluss wor mam groussen Raumen & Botzen.
09)wèi wann eis Cheffen sou lues Stammclient'en wieren bei sämtlechen Restaurant zu Bouneweg.
10)wèi wann de Büro opgerüst ginn ass an daat mat fonkelneien Komputeren…
11)wèi wann ët Cheffen gët dèi zwar un der Matière Physik interessèiert sinn awer keen Fatz verstinn.
12)dat d'Wëllefcher bei hieren Viirstellung bei Kleeschen een Duell opgestallt an préparèiert haaten
13)dat sëch eng kleng Ekipp zesummen fonnt haat fir Winter-Edition vum Rover-Weekend am Dezember.
14)dat d'Lions Bleus dës Joër vertrueden woren fir bei der Stëmm vun Strooss eng Hang mat unzepaacken
15)dat trotz dem Opruff & Nofroën bei den respektiven Elteren leider nach ëmmer Fiche médicalen feelen.
16)wèi wann d'Kanner och dës Joër Alleguerten nees kachen wärten fir eis Assemblée générale
17)dat mer ugangs Februar eng BaackSortie & BaackAktion hun an nees Fuesbullen baacken an verkaafen.
18)wèi wann eisen laangjähregen Scouts-kolleg&Pionèier Hopfgartner Hans aus Techuana gestuerwen ass.
19)dat ët schon nees iwwer 9 Joër hier sinn wou mer um Groussen Gruppen Summercamp ënnerwee woren.
20)dat elo schon fest steet dat nächst Joër am Summer d'FNEL een Camp fédéral organisèieren wärt.
21) ...

# et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

01)dat hei massiv Logo'en opgehaangen gouf vun Fassade bis Dortoir & Branchenzeechen op den Dieren.
02)wèi wann der leider awer just 2 LBB Beaver opgetaucht woren, dofir awer 10 Piwitschen&13 Castoren?
03)dat wann dës Dèiercher nach laang genuch bleiwen d'Verspriechen maan an de Foulard krèischen.
04)wèi wann d'Organioun an dem letzten Otemzich elo ass an lo just nach Unmelldungen eranflèihen sollen.
05)dat eent vun den Kanner ganz spontan säin persèinlechen Text op fransèisch Sprooch nogefroot hätt.
06)dat hien ët ze gudd gemengt haat an sou vill Boxemännchen iwwreg wor deen hien matbruecht haat ?
07)dat Sie all Rekorder vun den letzten Joren geknackt hun waat d'Faalen op der Aispist ugeet.
08)wèi wann een an der Garage no deem Asaatz nees eis Wierkbänk gesait an dës nees benotzen kann.
09)dat Sie trotz den villen Bestellungen an d'Polvermillen, eisen Home leider nach ëmmer nët fannen.
10)dat daat zwar fein wier, trotzdem ët nach Lèit soll ginn dèi nët wëssen richteg domat ëmzegoën…
11)dat dës trotz Erklärungen vun nët manner wèi 4 Chef > firwaat een nët onendlech Energie zeugen kann.
12)wèi wann do eppes schief gelaaf wor an all Mënsch OH-OH-OH geruff haat anstatt HO-HO-HO…
13)wèi wann Sie sëch gèifen freen wann op der Mee Edition nach puer Jonker de Wee gèifen fannen fir mat.
14)wèi wann Rover gehollef hun ze kachen / lessen erauszeginn um Krëschtlessen fir d'Lèit vun der Strooss.
15)dat sou d'Kand op der nächster Akitivitèit heem geschèckt/nët mat kann falls dës nët erankomm ass.
16)dat Dir härzlechst invitèiert sidd heidrunner deelzehulen an mir eis gèifen freen iwwert är Unmelldung.
17)wèi wann Dir dës kënnt den 1.02.20direkt bei eisem Home kaafen kënnt awer am Beschten eben bestellt.
18)dat hien Grousses geleescht huet, ët eng schèin Zäit wor an mir hien vermëssen wärten. Gut Pfad Hopfi!
19)wèi wann fir 2020 schon Alles um Unlaafen ass fir dat mer an gudd 7 Mèint an CORSE kënnen starten.
20)wèi wann dësen Camp fédéral vun Mëtt Juli bis ugangs August an Schweden ooflaafen wärt.
21) ...

# les amis des Lions Bleus

amis LBB

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbruck-Droulans, Fam.Rod-Keller, ...

# 3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

## januar'20

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | **SG Camp** |
| Fr | 3 | **SG Camp** |
| **Sa** | 4 | **SG Camp** |
| So | 5 | |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | |
| **Sa** | 11 | BV/LX/PV<br>COGRA |
| So | 12 | **FNEL EX-SportsDaag** |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | |
| Do | 16 | COMITÉ |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | BV/LX/TV/R-EX<br>LB Shop |
| So | 19 | |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | |
| Do | 23 | COMITÉ - Prép.AG |
| Fr | 24 | |
| **Sa** | 25 | BV/LX/TV/R-EX<br>**LBB AG** |
| So | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | |

## februar'20

| | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | BV/LX<br>**SG/EX/RO BaackAktion** |
| So | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | LX/TV/R-EX<br>**BV Weekend** |
| So | 9 | **BV Weekend** |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | |
| Do | 13 | Réunion semestrielle |
| Fr | 14 | **Start TECHUANA** |
| **Sa** | 15 | **TECHUANA** |
| So | 16 | **TECHUANA** |
| Me | 17 | **TECHUANA** |
| Dë | 18 | **TECHUANA** |
| Më | 19 | **TECHUANA** |
| Do | 20 | **TECHUANA** |
| Fr | 21 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 22 | **TECHUANA** |
| So | 23 | **TECHUANA** |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| **Sa** | 29 | BV/LX/PV/R-EX<br>**FNEL RO-Quiz org.LBB** |
| | | |
| | | |

## mars'20

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| **Sa** | 7 | BV/LX/PV/R-EX<br>**COGRA / FNEL RO Keelen** |
| So | 8 | |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| **Sa** | 14 | BV/LX/TV/R-EX<br>**LB SchaffWeekend** |
| So | 15 | **LB SchaffWeekend** |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | |
| Do | 19 | |
| Fr | 20 | |
| **Sa** | 21 | LX/R-EX<br>**BV Sortie / FNEL SG Explo** |
| So | 22 | **FNEL SG Explo** |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | |
| Fr | 27 | |
| **Sa** | 28 | BV/LX/PV/R-EX<br>LB Shop |
| **Sa** | 29 | **FNEL LX SixerDag** |
| Me | | |
| Dë | | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

**www.lionsbleus.lu**

**D'Scouten hun op hierer Survival Sor e am Baambësch vill baigelèiert an sinn dem Bear Gryll elo ebenwürdeg :) :) :)**



* THAT'S ALL FOLKS